Et geet net duer nëmme vun enger besserer Welt ze dreemen - et wäert kee kommen, deen d'Veännerunge fir eis an d'Weeër leet. Egal wéi ee Wee mer also aschloen: wat kënn? Et weess een et - nach - net. Dofir ass d'Léisungsorientéiert Denken an den Engagement vun all Eenzelem vun eis ëmsou méi gefrot: tatsächlech kënnen mer haut scho beaflossen, wéi d'Wierklechkeet am Muer ausgesäit. An de Wandel ass net eréischt muer. En huet schonn ugefaangen, elo an dësem Moment.

D'Zäit notze fir gemeinsam Wäerter ze stäerken

Dofir ass et den idealen Zäitpunkt fir nei Iddien ze sammeln a sech vun Denkmustere, Ängschten an Dogmen ze léisen, déi ausgedéngt hunn; elo kënnen mer eis nei Fäegkeeten uneegnen a virun allem: léiere Vertrauen a sech a seng Capacitéiten ze hunn a responsabel ze sinn. Mer si gutt esou, wéi mer sinn. Mer mussen net ënnertene konkurréieren, wa mer géigesäiteg openee vertrauen kënnen. Mer mussen net stänneg op eis Differenzen hiweisen, wa mer ergänzend matenee kollaboréieren an eis esou géigesäiteg valoriséieren kënnen.

Mer sollten déi Netzwierker, Solidaritéiten a Weeër, souwuel déi, déi et virun der Kris scho gi sinn, wéi och déi, déi grad während der Kris entstinn, notze fir eis gemeinsam Wäerter ze stäerken, déi eis als Mënschen ausmaachen. Ob déi Verännerungen, déi sech ufänken ofzezeechnen, laangfristeg fir d'Wuel vun der Allgemengheet kënnen ausgebaut ginn - dozou ka jiddweree säi Bäitrag leeschten. Mat aneren zesummen, fir anerer. Well zesumme komme mer méi wäit, an aus villen eenzele Puzzelstécker gëtt erëm e Ganz.

<https://www.100komma7.lu/article/aktualiteit/menschlech-a-rational-aus-der-kris>



„Gestes barrières“ géint mental Viren

Carte Blanche vum Noemie Leer um RTL Radio

D'Noémie Leer, d'Vize-Presidentin vun AHA Lëtzebuerg, mécht sech Gedanken driwwer, wéi mer eis géint mental Viren schützen kënnen.

D'COVID-19-Pandemie huet eis Mënsche gewisen, dass mer iwwer verschidde Facteure vu eiser Ëmwelt oder eisem Liewen nëmmen eng begrenzen oder guer keng Kontroll hunn. Dat produzéiert Stress an Onsécherheet, wat en idealen Nährbuedem bitt, fir Verschwierungstheorien.

De britteschen Evolutionsbiolog Richard Dawkins schwätzt vu „mentale Viren“, déi de Mënsch als Wiert notzen, fir reproduzéiert an transportéiert ze ginn.

Deemno nisst sech ee Gedankegutt, wat einfach ze verstoen ass a gutt zum eegenen Denke passt, besonnesch einfach an eise Käpp an. De Besoin, fir déi Informatiounen méiglechst zäitno un aner Zäitgenosse weider ze ginn, ass nëmmen all ze mënschlech.

Kritesch ass, dass dëst oft net hannerfrot geschitt an, ouni datt ee sech eppes Béises dobäi denkt, verschidden Inhalter sech méi schnell verbreed wéi ee ka kucken, sief et duerch e Witz oder e Klick an den asoziale Medien. Méiglech Konsequenze fir de gesamtgesellschaftlechen Niveau bedenkt een dobäi oft net.

Dofir sollte mer virsiichteg sinn, wat fir eng Gedanke mer an eist Denken eraloossen. Verschwierungstheorien si gäre verpaakt als „Hallefwouerechten“ a si gespickt mat scheinbar wëssenschaftleche Fakten, wat se besonnesch schwierereg mécht, ze demystifizéieren.

Sou wéi eist Immunsystem heiansdo schwaach ka sinn, sou kann och eist mentaalt Ofwiersystem a gewësse Situatiounen méi ufälleg fir mental Viren ginn.

Besonnesch verbreet ass den „ego autem electi-Virus“. D'Symptomer äusseren sech duerch d'Gefill, zu

deene wéinegen Auserwielten ze zielen, déi d'Wourecht kennen. Eng aner Gattung, de „vir fortis-Virus“, deet eis gleewen, dass mer eis misste géint een iwwermächtegen, verstoppte Géigner wieren.

D'Lëscht vun den Ënnerkategorien ass laang an eng Komorbiditéit, also wann een ënnert méi wengem Virus gläichzäiteg leit, dat ass an de meeschte Fäll net vun der Hand ze weisen.

Spannend ass, dass verschidde mental Viren scho Resilienz opgebaut hunn an domat äusserst resistent si géint de kritesche Geescht.


Genau wéi bei enger biologescher Pandemie sollt een och bei mentale Viren di néideg „gestes barrières“ anhalen, andeems een

- 2 Meter mental Distanz hält a net blann gleeft wat een erzielt kritt
- Informatiounen kritesch iwwerpréift
- a versicht, de Verbreedungsradius a méiglech Konsequenzen ofzeschätzen, ier een Informatiounen u seng Matmënsche weidergëtt.

Wien Leit a sengem Ëmfeld huet, déi Symptomer vu geféierleche mentale Viren opweisen, soll - am Géigesaz zu der biologescher Pandemie - de Mondscht net undoen, respektiv sech de Mond net verbidde loossen. Soss dréit ee wëssentlech dozou bäi, dass Iddien normaliséiert ginn an sech onageschränkt verbreed, déi à long terme fir den Eenzele, wéi och fir d'Kollektivitéit kéinte schiedlech ginn.

An dësem Sënn: Denkt w.e.g. nieft dem reegelméissegem Hännwäschen an der Mask och un déi néideg rational „gestes de protection“.

<https://www.rtl.lu/meenung/carte-blanche/a/1529173.html>



(Online) Generalversammlung

21. Juni 2020

Tagesordnung

1. Begrüßung durch den Präsidenten
2. Tätigkeitsbericht durch die Generalsekretärin
3. Bericht des Schatzmeisters
4. Bericht der Kassenprüfer
5. Entlastung des Verwaltungsrats
6. Festlegen des Jahresbeitrags
7. Nominierung der Kassenprüfer für das Jahr 2020
8. Freie Aussprache

1. Begrüßung durch den Präsidenten

Am 21. Juni 2020, dem Welthumanistentag, fand die diesjährige ordentliche Generalversammlung der Allianz von Humanisten, Atheisten an Agnostiker Lëtzebuerg a.s.b.l (AHA Lëtzebuerg) per Video-Konferenz statt. Bob Reuter, Präsident, hieß alle Teilnehmenden herzlich Willkommen.

Nachdem der Schwerpunkt von AHA in den letzten Jahren im Bereich der finanziellen und kulturellen Trennung von Kirche und Staat lag, konzentriert sich der aktuelle Verwaltungsrat hauptsächlich auf das Ausbauen der alternativen Zeremonien für nicht gläubige Menschen. Des Weiteren verschreibt sich AHA verstärkt dem humanistischen Ansatz und betreibt weiterhin verstärkt Netzwerkarbeit mit anderen humanistischen und säkularen Vereinigungen (z.B. Humanistischer Verband Rheinland-Pfalz/Saarland).

Bezüglich der Mitglieder des Verwaltungsrats, werden Jerry Medernach und Jerome Faber nicht mehr für ein weiteres Mandat kandidieren. Bob Reuter bedankte sich bei den ehemaligen Mitgliedern des Verwaltungsrats für die exemplarische Zusammenarbeit.

Weiter wurden die Teilnehmenden eingeladen folgende Termine bereits zu notieren. Am 14.11.2020 wird die 10-jährige Jubiläumsfeier von AHA stattfinden. Ein zeitnahes Event wird ein Webinar am

2.07.2020 um 19 Uhr sein. Hierbei handelt es sich um ein Gespräch mit zwei Zeremonienmeister über „Alternative Zeremonien“ zum Thema Willkommensfeiern und Hochzeit. Teilnehmende können während der Veranstaltung Fragen zum Thema einreichen. Zu den jeweiligen Veranstaltungen werden noch Details verschickt beziehungsweise auf unserer Facebookseite und Homepage www.aha.lu vermerkt.

2. Tätigkeitsbericht durch die Generalsekretärin

Sonja Reiter, Generalsekretärin, präsentierte die Aktivitäten im Jahr 2019 bis zum 21.06.2020. Im Folgenden eine kurze Übersicht. 2019/2020 hat sich der Verwaltungsrat drei Mal (14.06., 09.09., 13.11.2019 und 02.04.2020) versammelt, um die Inhalte und zukünftige Projekte von AHA zu besprechen.

Pressemitteilungen zu folgenden Themen wurden verfasst und publiziert: 20.01.2019 Zivile Zeremonien, 03.03.2019 Kommentar zur Pressekonferenz der Katholischen Kirche bzgl. gemeldeter Fälle sexueller Gewalt, 17.03.2019 Sinkende Immobilienpreise in der Stadt Luxemburg? DP-CSV Schöffenrat sponsort die katholische Kirche, 08.05.2019 L'homéopathie: une croyance à risques, 10.05.2019 Journée du Patrimoine: Est-ce que l'école publique a vocation à amener les élèves vers des manifestations à caractère religieux?, 06.05.2020 AHA Lëtzebuerg begrüßt, dass d'Gemengen Hochzäiten a Schléissungen vun Partnerschaften op alternative Plätzen däerfen ofhalen, 08.05.2020 AHA Lëtzebuerg unterstützt die #FREEMUBARAKBALA Protestwoche.

AHA nutzte weitere verschiedene Presseplattformen (Carte blanche RTL, Fräie Mikro Radio 100,7, Interviews, ...) um die Sicht von Atheisten, Humanisten und Agnostiker auf aktuelle Gesellschaftsthemen zu beleuchten (2019: 14.02 Mënschlech Léift – E Produkt vun der Evolutioun, 18.02 Evolutioun an d'21. Joerhonnert, 04.04 Humanistsiche Manifest fir d'Europawahlen 2019, 17.05. Selbstverständnis von AHA, 25.06 D'Reykjavik Deklaration zur Klimakris. 2020: 09.02 Le droit au blasphème remis en question, 13.05 Humanismus an

der Kris oder Mat Humanismus aus der Kris, 08.06 Gestes barrières géint mental Viren, uvm.

Darüber hinaus kam es zu Inputs in internationalen Plattformen. 2019: 28.06 Interview mit Bob Reuter im Canadian Atheist, 10.10 Input zum Religious Freedom Report der USA, 13.11 Input zum Freedom of Thought Report von Humanists International, 2020: 12.02 Beitrag zum Humanist Prism von Bob Reuter.

AHA Lëtzebuerg war auf den folgenden nationalen und internationalen Veranstaltungen vertreten: 18.05 Fête des communards, 31.05 Generalversammlung von Humanists International (Island), 07.06 Auftaktkonferenz zur European Values Study und Schecküberreichung an Guy Christen.

Im September 2019 wurde den Mitgliedern die ausgearbeitete Broschüre „Willkommensfeiern für Kinder“ zugeschickt. Im darauffolgenden Monat, 2.10. wurde Giovanni Gaetano von Humanists International nach Luxemburg eingeladen und hielt einen Vortrag über die Situation von Humanisten und anderen nicht gläubigen Menschen in der Welt.

Ein Humanisten Treffen fand zu folgenden Terminen statt: 1.03. und 5.04.2019 und 2020 (9., 16., 23. und 30. April) wurde wegen der Corona-Krise ein Online Humanisten Treffen angeboten. Im Mai 2020, während der Coronakrise, wurde die #Notz-DengZäit Kampagne ins Leben gerufen.

3. Bericht des Schatzmeisters

Dirk Leistico, Schatzmeister, präsentierte eine detaillierte Auflistung der Einnahmen (11.966,50 €) und Ausgaben (14.164,43 €) im Jahr 2019. Die Jahresbilanz beträgt -2.197,93 € und somit umfasste das gesamte Bankguthaben am 31.12.2019 38.311,88 €.

4. und 5. Bericht der Kassenprüfer und Entlastung des Verwaltungsrats

Der Finanzbericht für das Jahr 2019 wurden von den Kassenprüfern, Jean-Claude Kintziger und Alain Lorang, geprüft und genehmigt. Den Teilneh-

merInnen der Generalversammlung wurde vorgeschlagen, dem Verwaltungsrat die Entlastung zu erteilen. Die Entlastung des Verwaltungsrates wurde von den Teilnehmenden einstimmig angenommen.


6. Festlegen des Jahresbeitrags

Der Jahresbeitrag für 2020 beträgt wie im Vorjahr 20 €.

7. Nominierung der Kassenprüfer für das Jahr 2020

Jean-Claude Kintziger und Alain Lorang stehen für das Jahr 2020 weiterhin als Kassenprüfer zur Verfügung.

Der Vorstand für 2020/2021 setzt sich wie folgt zusammen: Bob Reuter (Psychologe, Präsident), Noémie Leer (Ethnologin, Vizepräsidentin), Sonja Reiter (Psychologin, Generalsekretärin), Jean-Marc Cloos (Psychiater und Suchttherapeut), Eric François (Informatiker), David Kieffer (Diplomingenieur), Dirk Leistico (Diplom-Betriebswirt), Jean-Paul Lickes (Chemiker), und Pol Wirtz (Unternehmensberater).



Webinar: Traut iech! Weltlech Zeremonien zu Lëtzebuerg

02/07/2020

Den 2. Juli hate mer eisen eischte grouse Webinar vun AHA Lëtzebuerg, zum Thema „weltlech Zeremonien zu Lëtzebuerg“.

Zanter Dausende vu Jore feiere Mënschen zesummen déi wichteg Uläss am Liewen: Gebuert, den Ufank vum Erwuesseneliewen, d'Hochzäit, an den Doud. Des Ritualer goufe vun de Reliounen geschéckt ëmgewandelt, awer och weiderentwéckelt. Mat dem Niddergang vun de Reliounen - besonnesch an Europa - ass et un der Zivilgesellschaft sech des nätzlech a wichteg Bräich an Erënnerung ze ruffen, a modern Varianten dofir ze fannen.

D'Noemie Leer an den David Kieffer hunn eis duerch den Owend gefouert. Mir hunn zesumme mat 2 Zeremoniëmeeschteren, déi hier Servicer zu Lëtzebuerg ubidden, gekuckt wéi weltlech Zeremonien zu Lëtzebuerg haut ausgesinn? Mir hunn mat hinnen iwver déi praktesch a philosophesch Froen zum Thema geschwaat. Zum Schluss goufen Froen aus dem Publikum beäntwert.

D'Videoopnam fannt der héi: <https://vimeo.com/435015403>



Ritualer am 21. Joerhonnert? Jo, dat dierf een!

10/07/2020

Fräie Mikro vum Bob Reuter um Radio 100,7

Am Fräie Mikro luet de Bob Reuter, President vun der Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker, eis an iwver Ritualer am 21. Joerhonnert, hir Funktioun a Bedeitung nozedenken, wisou mer net op se verzichten ze brauchen a se weiderentwéckelen an un d'Bedierfnesser vun eiser Zäit upassen dierfen.

Liewe bedeit Verännerung. Mënschlecht Liewen ass voller Transitiounen: Gebuert, Kandheet, Jugend, Erwuessenenalter, Ufänke mat schaffen, Eltere ginn, d'Kanner déi d'Haus verloossen, an d'Pensioun goen, a „last-but-not least“ den Doud.

Ritualer als Iwwergang

Dës Verännerunge bréngen ëmmer Onsécherheet an Angscht mat sech a ginn awer och nei Méiglechkeeten a Chancen. Fir déi dacks fléissend Iwwergäng vun deem engen an deem anere Liewensofschneët symbolesch a gesellschaftlech ze verdäitlechen an eis bewusst ze maachen, sinn et zu allen Zäite bestëmmte Ritualer ginn.

Bezeechnend fir Ritualer ass, datt se engersäits eng gewëss Stabilitéit weisen, déi selwecht Saache ginn esou oder ganz änlech widderholl an awer anerersäits och, datt se sech de permanent verännerende Liewensrealitéite vun de Mënschen aus verschidde Kulturen an Epochen ugepasst hunn.

Doduerch strukturéiere se d'mënschlecht Verhalten an erfëllen dat mënschlecht Bedierfnis no Sécherheet, Orientéierung, Gebuergeheet, Zougehéiregkeet a sozialer Identitéit.

Sënn ginn a Muecht ausüben

Ritualer hunn och ëmmer eppes Ambivalentes, well se - op där enger Säit - eis als Individuum hëllef Sënn ze schafen, an eis ee Gefill vu Kontroll a

„Verortung“ ginn. Doriwwer eraus hëllef se eis eis verbonnen ze fille mat eppes, wat eis als Eenzellen depasséiert, mat eppes méi Groussem.

Dobäi besteet - op där anerer Säit - natierlech ëmmer och d'Gefor, datt mer eis vun Anere manipuléieren an instrumentaliséiere loosse, datt d'Ritual vum Grupp oder vun de Mächtigen am Grupp benotzt a genotzt gëtt fir Muecht iwwer eis auszeüben. Dofir ass eng gewëss Portioun Skepsis vis-à-vis vu Ritualer bestëmmt kee Feeler, besonnesch wa vun eis verlaangt gëtt onkritesch eist Recht op Autonomie a Selbstbestëmmung zeréckzestellen.

Et ginn Alternativen

An enger Zäit, wou ëmmer manner Mënsche sech am reliéise Glawen erëmfannen, empfangen ëmmer méi Léit besonnesch reliéis Ritualer als onpassend oder souguer stéierend a verstéierend.

Eventuell hale si weider un esou Ritualer fest, well si net wëssen, datt et Alternative gëtt, respektiv ee se erfanne kann an dierf. Ritualer schéngen ëmmer e bëssi figéiert a virgeschriwwen, mee och si goufen ëmmer schonns ugepasst a verännert.

Oder si mengen, datt Ritualer ëmmer reliéiser Natur wieren a wëllen dofir näischt mat Ritualer ze dinn hunn oder loosse sech ariede Ritualer, déi net reliéis wieren, wieren ee bëllegen Ersatz fir reliéis Ritualer.

Ritualer demonstréiere Verännerungen

Dat ass awer net wouer. Ritualer gehéieren zu eis Mënschen, well se eis erlaben an eisem Liewe Punkten ze setzen, an eis deene Verännerungen an eisem Liewe bewosst ze stellen. Ritualer sollen eis Mënschen déngen an net mir de Ritualer.

Natierlech hu Ritualer ëmmer och eng kollektiv Dimensioun. Aner Mënsche ginn „Zeien“ vun der Verännerung, déi mer duerchmaachen an doduerch gëtt eis nei Roll zu enger sozialer Realitéit.

Natierlech kann ee Ritualer kritesch vis-à-vis stoen, besonnesch wann ee se als iwwergrëffeg empfënnt, oder wa se keng Bedeitung fir ee selwer hunn.

Ech géif hei awer gären dofir plaidéieren, datt mer d'Kand net mam Buedwaasser ausschëdden, a Ritualer als dat erkennen, wat se sinn, eppes wat hëllef kann eis urmënschlech Bedierfnesser ze erfëllen, awer och eppes, wat vu Mënsche gemaach ass an dofir och vu Mënschen dierf a soll mat Liewe gefëllt ginn.

De Mënsch am Mëttelpunkt

Dofir denken ech, datt et legitim ass fir humanistesche Ritualer a Zeremonien ze erfannen oder weiderzuentwëckelen a se deene Mënschen unzebidden, déi mat reliéise Ritualer näischt ufänke kënnen.

Hei steet de Mënsch am Zentrum, net iergendeng Gottheit. Hei kënn mir matwierken a selwer entscheeden, wéi mir déi wichteg Momenter am Liewe ritualiséiere wëllen. Ob dat ganz bescheiden a schlicht ass oder méi extrovertéiert a pompös. Dat Wichtigst ass, datt et bei eis passt. An et ginn och ëmmer méi Leit, déi op dës Offer zeréckgräifen.

An déi, déi weider wëlle reliéis Ritualer an Zeremonie matmaachen, kréien duerch dës zousätzlech Offer jo och näischt ewechgeholl.

<https://www.100komma7.lu/article/aktualiteit/ritualer-am-21-joerhonnert-jo-dat-dierf-een>



Evaluéier-Däi-Liewen - Aktiounsdag

19/10/2020

Carte Blanche vum Noemie Leer um RTL Radio

D'Noémie Leer, d'Vize-Presidentin vun AHA Lëtzebuerg, invitéiert dozou, den Evaluéier-Däi-Liewen-Dag ze feieren.

Um 19. Oktober gëtt weltwäit den „Evaluéier Däi Liewen – Dag“ gefeiert. Nach ni dovun héieren? Ma ech bis dato och net. Dobäi existéiert e schonn zanter 1988. E gouf vun der amerikanescher Koppel Tom a Ruth Roy an d'Liewe geruff, déi an den USA zu de Korypheeë gehéieren, wat kuriéis Feier- an Aktiounsdeeg betrëfft. Eng konkret Begrënnung fir d'Wiel vum Datum gëtt et net. Am Fong kéint een en och op all anerem Dag am Joer feieren.

Wéi de Numm et seet, geet et drëms, de Moment ze notzen, fir emol kuerz a sech ze goen an de Punkt ze maachen, andeems een iwwert säi Liewen nodenkt. Mir hunn d'Tendenz eis vill ze oft opzereegen, iwwert dat, wat anerer net gutt gemaach hunn, iwwert dat, wat net geklappt huet oder iwwert alles, wat gehierlos nervt, wéi dee COVID, den Trump, dem Noper seng Hënn, déi dauernd billen, oder dat Rëndvéi, wat mer grad d'Virfaart geklaut huet. Ännere kënnen mer oft net vill. Well en fin de compte hu mer op Villes keen Afloss a kënnen „déi aner“ net änneren - eis selwer an eis Vue op d'Liewe schonn.

Dofir invitéieren ech lech, fir eemol kuerz all Bewäertung vun anere Mënschen, Saachen oder Situatiounen sinn ze looschen an lech – éierlech an ouni d'Saache wëlle schéin ze schwätzen - folgend Froen ze stellen:

Wou am Liewe stinn ech grad? Sinn ech wierklech frou am Liewen oder hunn ech mech just mat de Saachen offonnt? A wat kann ech fir mech an d'Zukunft anescht oder besser maachen?


Et ass effektiv net ëmmer sou einfach mat volle Calepinen, tëscht deem, wat ee wëllt an deem, wat ee muss, e rouege Moment ze fannen. Dofir wëll ech lech lo gär eng Otempaus vun enger Minutt schenken, fir genau deene Froen nozegoen.

1 Minutt Otempaus mat der Musek: „Dreaming Of Freedom“ © Jeremy Froböse | TerraSound.de

Nach e schéinen „Evaluéier-Däi-Liewen-Dag“ gewënnscht.

<https://www.rtl.lu/meenung/carte-blanche/a/1596150.html>





Webinar „Blasphemy in Europe“ im Rahmen des „European Young Humanist Month“

28/10/2020



Young Humanists UK hatte den European Young Humanist Month im Oktober 2020 organisiert. Wegen der Pandemie fanden die Treffen als Webinare statt. Mara Kroth wurde von AHA eingeladen am Webinar vom 28/10/2020 teilzunehmen und uns hier davon zu berichten.

Es war das erste Mal, dass ich von einer derartigen Aktion erfuhr. Seit relativ kurzer Zeit (rund einem Jahr) war ich durch Bob Reuter auf den Humanismus und die Arbeit, die Humanist: innen weltweit leisten, aufmerksam geworden.

Eine der ersten Fragen, die ich mir stellte, war: Wie sind humanistische junge Menschen so und was bewegt sie? Inwiefern sind sie anders als andere junge Menschen, die sich nicht explizit als Humanist: innen beschreiben? Wie engagieren sie sich und für was explizit?

Ich selbst bin ebenfalls Teil eines Forums junger Menschen, die sich gezielt für soziale Projekte auf lokaler, sowie der Landesebene einsetzen. Seit Ende 2019 bin ich Teil der Global Shapers“, dem

Jugendnetzwerk des World Economic Forums, dass sich über verschiedene Länder erstreckt und sich in sogenannten „Hubs“ in den großen Städten der meisten Länder der Welt niederlässt. Dort sehe ich immer wieder, dass sich junge Menschen zwischen 20 und 30 Jahren in den verschiedensten sozialen Projekten einsetzen, zu diesem Zwecke mit internationalen Gleichgesinnten aus anderen Hubs kollaborieren und neben ihrem „normalen“ Job ihr Herzblut in die Organisation von Initiativen stecken, die einen sozialen Impact haben. Von Klimaschutz, besserer Bildung, Gleichstellung der Geschlechter – you name it.

Umso gespannter war ich also zu sehen, welche Projekte es genau sind, die die „Young Humanists“ umtreiben. Daher nahm ich Ende November am Webinar „Blasphemy in Europe“ im Zuge des „European Young Humanists Month“ teil.

Ich möchte hier ehrlich sein – „Blasphemie“, das war mir bis vor Kurzen noch kein wirklicher Begriff. Das Wort „Gotteslästerung“ schon, wobei es einen durchaus veralteten Charakter mit sich trägt und

für mich eher im mittelalterlichen Kontext Benutzung findet. Umso interessierter war ich daran, einen neuen Blick auf diesen Aspekt der Beziehung Kirche-Staat zu erlangen und von Giovanni Gaetani (Membership Engagement Manager der Young Humanists International) mehr über die „End Blasphemy Laws“ Kampagne zu erfahren.

„End Blasphemy Laws“ Kampagne

Seit Ende Januar 2015 haben sich mehrere nicht-religiöse als auch religiöse Organisationen zusammengetan, um zusammen in Form einer globalen Koalition gegen Blasphemie-Gesetze weltweit zu kämpfen. Ausgelöst wurde die Koalition durch den Charlie Hebdo Anschlag in Paris – und den darauffolgenden Aufschrei nach einer kollektiven Vorgehensweise, um weltweit Gewalt, ob nun von Justiz oder Selbstjustiz ausgehend - gegen Meinungsfreiheit zu stoppen. Verschiedene Organisationen hatten sich schon seit Jahren für die Abschaffung solcher Gesetze stark gemacht. Traurigerweise scheint die Notwendigkeit jener Abschaffung immer erst Anklang in der Öffentlichkeit und den Medien zu finden, sobald ein Gewaltakt geschieht oder jemand Gebrauch von Blasphemie-Gesetzen machen möchte.

Gegenwärtig kann die Todesstrafe in 7 Ländern weltweit verhängen werden, darunter der Iran, Saudi-Arabien, Nigeria, Pakistan. Weltweit wird Blasphemie in insgesamt 84 Ländern als Straftat verstanden. Oder besser gesagt „kann“ als Straftat verstanden werden, denn in vielen westlichen Ländern sind jene Gesetze noch im Strafgesetzbuch zu finden, werden aber sehr selten bis nie in die Tat umgesetzt. Was unterm Strich zwei Hauptproblematiken aufzeigt, denn: Der Fortbestand solcher Blasphemie-Gesetze in westlichen Ländern wird von jenen Ländern, in denen Menschenrechte mit den Füßen getreten werden, oft als scheinheilig wahrgenommen. „Warum sollten wir unsere Blasphemie-Gesetze abschaffen, wenn ihr selbst noch welche habt?“ argumentieren sie gewissermaßen.

Dabei handelt es sich in den meisten westlichen Staaten um größtenteils veraltete und selten angewendete Gesetze, die symbolisch für staubige Überbleibsel der Rechtsgeschichte stehen.

Als Dänemark im Jahr 2017 sein Blasphemie-Gesetz abschaffte, hatte es ein stolzes Alter von 334 Jahren! Das letzte Mal Anwendung fand es im Jahr 1971, davor 1946.

Die andere Problematik besteht darin, dass die Interpretation und Auslegung solcher Blasphemie-Gesetze rein willkürlich geschieht und keinerlei Linie folgt.

Ein Beispiel: Im deutschen Strafgesetzbuch droht Paragraph 166 mit bis zu drei Jahren Freiheitsstrafe für denjenigen, der „den Inhalt des religiösen oder weltanschaulichen Bekenntnisses anderer in einer Weise beschimpft, die geeignet ist, den öffentlichen Frieden zu stören“. Durchgesetzt wurde dieser Paragraph eher wenig. Alternativ wird zum Paragraphen über „Störung der Religionsausübung“ gegriffen.

Wieso daran festhalten?

Die Frage, die sich mir daraufhin als relativ objektive Zuschauerin stellte, ist: Weswegen wird an diesen Gesetzen weiterhin festgehalten?

Diese Frage macht vielleicht mehr Sinn, wenn man sie umdreht: Wieso werden diese Gesetze nicht gestrichen? Mit Blick auf die aktuelle Regierungsbildung in Deutschland lässt sich leicht eine Antwort darauf geben, die CSU wünscht sogar, diese Gesetze strikter auszulegen.

Wer sich die Prognosen zur Bundestagswahl im September anschaut kann nur hoffen, dass ein über 2-stelliger Prozentverlust der CDU zu einer Änderung führt.

Denn Hoffnung gibt es: Seit Beginn der „End Blasphemy Laws“ Kampagne 2015 sind Blasphemie-Gesetze in 10 Ländern abgeschafft worden - mit Schottland als jüngstes Beispiel einige Wochen vor diesem Webinar. Als einziges Land der UK sträubt sich Nordirland, seine Blasphemie-Gesetze aufzugeben.

Was tun?

Die „End Blasphemy Laws“ Kampagne hat bereits Früchte getragen, so Giovanni Gaetani. Aber wie kann man den Prozess in seinem eigenen Land beschleunigt, wie richtet man am besten eine Kampagne für die Abschaffung jener Gesetze aus? Die Kampagne in Nordirland beinhaltete direkte Einflussnahme von Bürger:innen auf Abgeordnete („Member of the legislative Assembly“), das heißt: Einen direkten Brief an den lokalen MLA verfassen, Petitionen entwerfen, Medien benachrichtigen oder sogar einen alternativen Gesetzesentwurf verfassen. Die jungen Humanist:innen aus Nordirland sowie Irland verfolgen weiterhin hartnäckig ihr Ziel.

Um es in den Worte von Evelyn Beatrice Hall von 1906 auszudrücken: „I disapprove of what you say but I will defend to the death your right to say it“. Was mir somit meine Frage beantwortet hat, wofür genau junge Humanist:innen kämpfen.

<https://humanism.org.uk/events/european-young-humanist-month/blasphemy-in-europe/>

Radiobeitrag



Mir däerfen den Affer ni d'Schold ginn

10/11/2020

Fräie Mikro vum Bob Reuter um Radio 100,7

Nees huet ee presuméierte reliéise Fanatiker a Frankräich Menschen embruecht. Den Andrew Copson, Chief Executive vun Humanists UK a President vu Humanists International fënnt et ekleg a falsch den Affer vu Gewalt och nemmen eng Deelschold wellen ze ginn. Dat fënnt och de Bob Reuter, President vun AHA Lëtzebuerg, an dofir well hien iech haut dem Andrew Copson seng Iwerleeungen mat op de Wee ginn.

De 29. Oktober goufen a Frankräich dräi Zivilisten vun engem presuméierte islamisteschen Extremist ëmbruecht - erstach a gekäppt. Eng grujeleg, schockéierend an ze veruechtend Dot, mee keng isoléiert. Si ass passéiert knapps zwou Wochen nodeems de Samuel Paty, e Proff, ëmbruecht gi war, well hien a sengem Unterrecht iwver Meenungsfräiheet an iwver d'Ugrëffer op Charlie Hebdo geschwat hat.

Den Andrew Copson fënnt, datt Frankräich deemools op déi eenzeg Aart a Weis reagiert hätt, wei eng mënscherechtsfrëndlech Republik äntwere kann. D'Recht op fräi Meenungsäusserung gouf verdeedegt, inklusiv der Publikatioun vu Materialien déi als beleidgend kéinten ugesi ginn.

Dës rezent Morde goufen, vun aneren, op eng eekelerreegend Aart a Weis als „Vergeltung“ fir d'Verdeedegung vu Meenungsfräiheet a säkularer Bildung duergestallt, wéi wann et den Affer hier eege Schold wier.

Karikature rechtfäerdege kee Mord

Nee! Meenungs- a Glawensfräiheet ass kee Verbruechen. Mord ass et awer ganz sécher!

Et gëtt keng moralesch Equivalenz tëschent dem Zeechnen vu Karikaturen oder der Verdeedegung vu kënschtlerscher Fräiheet op där enger Säit a gewaltsame Mord a Käppen op där anerer Säit!

Ze maache wéi wann dat de Fall wier ass einfach eekleg! Et ass kee Verbrieche fir reliéis Gefiller ze verletzen. A wien dat mëscht huet scho guer net verdéngt ëmbruecht ze ginn. An dann vun Islamophobie ze schwätzen ass schäinhelleg. Deene Stëmme geet et net drëms géint Diskriminéierung a Virurteeler virzegoen, et geet drëms fir Zensur oder Selbst- Zensur via Blasphemie-Gesetzer z'etabléieren.

Blasphemie-Gesetzer féieren zu nach méi Gewalt duerch Selbstjustiz

Et gëtt awer kee gudden Grond deenen ze gleewen déi behaupten, dass Gesetzer géint Beleiden vu reliése Gefiller d'Gewalt stoppe géifen. Au contraire, an deenen Länner wou et esou Blasphemie-Gesetzer gëtt, wei Pakistan, Saudi-Arabien, Nigeria a Bangladesch, gesäit een, dass des Zorte vu Gewalt géint déi wou eppes aneres gleewen reegelrecht opbléien. Des Gesetzer ginn den Selbstjustizler carrement nach Legitimitéit well se wëssen, dass genuch Leit fannen, dass Gewalt eng akzeptabel Äntwert wär fir géint déi virzegoen déi si beleiden a well se wëssen, dass se oft keng Strof ze fäerte brauchen.

Wa mer awer de Wee géife goen fir Beleidigung vu reliése Gefiller ze veruechten, da géife mer nach méi Bluttvergéissen a Grausamkeet bewierken. Dat wär begleet vum Aushillegen vun eiser Fräiheet, och géigeniwwer Autoritéiten d'Wouerecht dierfen ze soen. Et géif zur Aschränkung vun der Villfalt vu Kultur a mënschlech Liewen féieren.

Widdersprieche ass néideg


Wat kënne mer maachen, wa mer vu sou enger Onmënschlechkeet a Barbarei erausgefuerdert ginn a vun dëse verréckte Versich fir des och nach ze rechtfärdegen?

Mir müssen äntweren! Mat Fakten. Mat Argumenter. An och nolauschten an der Réi no äntweren. Et geet net drëms ze punkten mee drëms fir Denkweisen an Astellungen ze änneren. Well et geet em eppes ganz Wichteges: d'Zukunft vu der Gedankefräiheet, der Meenungsfräiheet an eisem Recht op Liewen.

Dat bedeit, dass mir alle Scholdzouweisung un d'Affer widdersprieche mussen wou mer se héieren. Dat ka bedeiten, dass mer mat Frënn streide mussen, wa si des falsch Gläichsetzung bedriewen. Et kann heeschen, dass mer eis beschwéiere mussen, wa Journaliste sech dozou entscheiden „déi zwou Säiten“ als schëlleg duerzestellen: op där enger Säit verréckte Mäerder an Leadere vun Halleftheokratien an op där anerer Säit Staatscheffen, Bierger a Proffen, déi sech op d'Rechtsstaatlechkeet an d'Mënscherechter beruffen.

Dat dierfe mer net duerchgoe loossen!

<https://www.100komma7.lu/article/aktualiteit/mir-daerfen-den-affer-ni-d-schold-ginn>





Gotteslästerung im 21. Jahrhundert? Gefährliche Verbote

03/12/2020

Kloertext im Lëtzebuerger Journal von Bob Reuter

Im Jahr 2020 würde man nicht erwarten, dass Gotteslästerung ein Thema sein könnte. Jedoch wurden Diskussionen unter anderem in Frankreich wieder angefacht. Bob Reuter, Präsident von AHA, äußert sich dazu:

„Gegenwärtig definiert man den Humanismus folgendermaßen: eine Weltanschauung, die sich an den Interessen, den Werten und der Würde des einzelnen Menschen orientiert. Toleranz, Gewaltfreiheit und Gewissensfreiheit gehören außerdem zu den Wertvorstellungen, die sich die Humanist*innen auf die Fahne schreiben. Dagegen gibt es zu Beginn nichts auszusetzen und viele Menschen würden sich mit eben dieser Ethik identifizieren können, oder?

Humanist*innen setzen sich aber eben nicht nur für gewisse Werte ein, sie kämpfen auch gegen die Verletzung ebendieser. Nämlich gegen noch stets vorhandene religiös begründete Verbote, wie zum Beispiel der „Blasphemie“, zu deutsch „Gotteslästerung“. Oder gegen die Verfolgung und Bestrafung von Humanist*innen auf der ganzen Welt. Auf Nachfrage würden die meisten spontan antworten, dass man in Europa im 21. Jahrhundert nicht mehr mit Bestrafung wegen Gotteslästerung rechnen muss. Tatsächlich sind in 17 europäischen Staaten nach wie vor Blasphemie-Gesetze (darunter auch in Deutschland) in Kraft, insgesamt sind es 71 Staaten weltweit. Erst kürzlich konnten wir einen grausamen Akt der Selbstjustiz wegen angeblicher Blasphemie in Frankreich beobachten, 2015 bereits im Fall „Charlie Hebdo“. Auch sonst in Europa findet Bestrafung wegen Blasphemie statt, auch wenn nicht zwingend vom Staat ausgeübt. In Nigeria ist seit dem 28. April der Präsident der Humanistischen Vereinigung Nigerias, Mubarak Bala, wegen „Beleidigung des Propheten Mohammed“ festgenommen worden. Seitdem kein Ton, kein Wort.


Es wurde ihm kein Zugang zu seinem Rechtsbeistand gewährt und seine Familie sowie „Humanists International“ können nicht mit Gewissheit sagen, dass er noch am Leben ist.

Humanist*in, also „edel, hilfreich und gut“ sein, kann also lebensgefährlich sein, wenn dies nicht mit den Moralvorstellungen der Regierung oder der Staatsreligion übereinstimmen.

Wir müssen alle mithelfen, dass in Zukunft überall auf der Erde Menschen sagen dürfen, dass sie nicht an den einen oder anderen Gott glauben. Denn solche Verbote (und ihre dramatischen Folgen) sind gefährlich für alle, auch für Gläubige, weil des Einen Glaube ist schnell des Anderen Unglaube.


Nur ein säkularer Staat kann dafür sorgen, dass die Verfolgung von Ungläubigen und Andersgläubigen nicht auch noch staatlich sanktioniert beziehungsweise kulturell als gerechtfertigt angesehen werden. In einer offenen Gesellschaft muss jeder es aushalten können, dass andere Menschen nicht dasselbe denken und glauben ohne sich dabei direkt beleidigt zu fühlen und mit Gewalt zu antworten.“

Zitat: „In einer offenen Gesellschaft muss jeder es aushalten können, dass andere Menschen nicht dasselbe denken“, Bob Reuter, Präsident der AHA.




EHP (European Humanist Professionals) Online Workshop: „Methods of spiritual counseling“

27/11/2020



Bob Reuter hat am 27.11.2020 am Online-Workshop der EHP (European Humanist Professionals) zum Thema „Methoden der humanistischen Seelsorge« teilgenommen, um weitere Einblicke in die «humanistische Seelsorge«, wie sie in anderen europäischen Ländern praktiziert wird, zu gewinnen und um Kontakte zu internationalen Verbänden zu knüpfen, die humanistische Dienste in ihren nationalen oder lokalen Gemeinschaften anbieten. Dieses Webinar wurde leider von der Tatsache überschattet, dass Jan Hien Mooren, eine einflussreiche Figur auf diesem Gebiet, dessen Arbeit während dieses Webinars diskutiert worden wäre, wegen COVID-19 ins Krankenhaus eingeliefert worden war. Er starb ein paar Tage später. Unsere Freunde vom Humanistischen Verbund in den Niederlanden vermissen ihn und seinen Beitrag zum Humanismus sehr.

Events



Webinar: Atheismus im Iran mit Sina Nasiri


03/12/2020

Am 03/12/2020 veranstalteten wir ein Webinar mit Sina Nasiri. Er erzählte uns, wie es ist, im Iran Atheist zu sein und warum es wichtig ist, dass in seinem Heimatland immer mehr Menschen für ihren Nicht-Glauben an Gott(e) eintreten, damit Atheismus in der Gesellschaft normaler und akzeptabler wird. „Atheisten müssen nach Wegen suchen, um sichtbarer zu werden. Die Erhöhung der Sichtbarkeit von Atheisten wird dazu beitragen, ihre Präsenz zur Norm zu machen und folglich die Toleranz ihnen gegenüber zu erhöhen, besonders in muslimischen Gemeinschaften.“

Er lud uns auch dazu ein, über unseren Atheismus zu sprechen, um der Welt zu zeigen, dass Atheisten nette und freundliche Menschen sind, um die Tatsache zu normalisieren, dass einige Menschen nicht an Gott/Götter glauben.

Sie können sich unser Gespräch hier ansehen:
<https://vimeo.com/502500285>

Events



Online Treffen HVD RLP & Saarland

29/12/2020

Am 29.12.2020 nahm Bob Reuter an dem Online-Treffen teil, das von unseren Freunden des HVD RLP & Saarland organisiert wurde. Die Diskussionen drehten sich hauptsächlich darum, warum und wie Humanisten in Rheinland-Pfalz & Saarland derzeit alternative Feiern für nicht-religiöse Menschen einrichten. Sie werden nämlich im Jahr 2021 ihre erste „Jugendfeier“ im Saarland organisieren. Diese Feier soll den Übergang zwischen Kindheit und Jugend begleiten.

Finanzbericht 2018

CCPL	Einnahmen	Ausgaben
Campagne «Gutt liewen, fräi»	€0,00	€375,00
Sekretariat	€0,00	€562,12
Mitgliedsbeiträge/Spenden	€10.965,00	€0,00
IHEU «Humanists at Risk» Campaign	€0,00	€500,00
Internationale Mitgliedschaften (EHF)	€0,00	€150,00
Bankkosten	€0,00	€68,60
Internet	€0,00	€172,82
Versammlungen	€0,00	€107,80
Transfert (von PayPal)	€1.500,00	€0,00
Total	€12.465,00	€1.936,34
Resultat CCPL		€10.528,66

PAYPAL	Einnahmen	Ausgaben
Mitgliedsbeiträge/Spenden	€720,00	€0,00
Bankkosten	€0,00	€36,40
Transfert (zu CCPL)	€0,00	€1.500,00
Rückerstattung (Doppelte Verbuchung)	€0,00	€20,00
Internationale Mitgliedschaften (IHEU)	€0,00	€165,71
Vimeo Abo	€0,00	€58,44
Werbung Facebook	€0,00	€550,99
Total	€720,00	€2.331,54
Resultat PAYPAL		-€1.611,54

	Einnahmen	Ausgaben
Total	€13.185,00	€4.267,88
Resultat		€8.917,12

Guthaben 2018	01.01.2018	31.12.2018
CCPL	€29.628,10	€40.156,76
PAYPAL	€1.964,59	€353,05
Total	€31.592,69	€40.509,81
Resultat		€8.917,12

Der Finanzbericht wurde von der Generalversammlung 2019 gutgeheißen.

Finanzbericht 2019

CCPL	Einnahmen	Ausgaben
Mitgliedsbeiträge/Spenden	10.195,50 €	
Sekretariat	€0,00	1.429,21 €
Aktivitätsbericht 2017-2018 Druck & Versand	€0,00	4.564,65 €
Druck Broschüre Zeremonien	€0,00	1.450,80 €
IHEU „Humanists at risk“ campaign - Spende	€0,00	1.000,00 €
Tagung Berlin EHF	€0,00	325,94 €
Bankkosten	€0,00	94,90 €
Internethosting	€0,00	172,82 €
Versammlungen	€0,00	521,10 €
Spenden „Humanestesch Zeremonien“	980,00 €	€0,00
Spenden G.Christen	€0,00	500,00 €
Annonce V.Wammer	€0,00	108,23 €
AG 2019 Neimënster	€0,00	1.826,56 €
Konferenz Dr N.Grams	€0,00	1.476,40 €
Total	11.175,50 €	13.470,61 €
Resultat CCPL		-2.295,11 €
PAYPAL	Einnahmen	Ausgaben
Mitgliedsbeiträge/Spenden	791,00 €	€0,00
Bankkosten	€0,00	39,86 €
Transferts CCPL	€0,00	€0,00
Rückerstattung (doppelte Verbuchung)	€0,00	20,00 €
Internationale Mitgliedschaften (IHEU)	€0,00	175,52 €
Vimeo Abo	€0,00	58,44 €
Werbung Facebook „Taufe“	€0,00	400,00 €
Total	791,00 €	693,82 €
Resultat PAYPAL		97,18 €
Guthaben 2019	1/1/2019	31/12/2019
CCPL	40.156,76 €	37.861,65 €
PAYPAL	353,05 €	450,23 €
Total	40.509,81 €	38.311,88 €
Resultat		-2.197,93 €

Der Finanzbericht wurde von der Generalversammlung 2020 gutgeheißen.



Selwer denken ass och e Choix !

ALLIANZ VUN HUMANISTEN, ATHEISTEN & AGNOSTIKER
LËTZEBUERG A.S.B.L.

www.AHA.lu

Verwaltungsrat von AHA Lëtzebuerg

31. Dezember 2020



Bob Reuter
Psychologe, Präsident



Noemie Leer
Ethnologin, Vize-Präsidentin



Sonja Reiter
Psychologin & Psychotherapeutin,
Sekretärin



Dirk Leistico
Dipl.-Betriebswirt,
Schatzmeister



Jean-Marc Cloos
Psychiater & Suchttherapeut



Eric J. François
Informatiker



David Kieffer
Diplomingenieur



Jean-Paul Lickes
Chemiker



Pol Wirtz
Unternehmensberater & Verleger

Impressum

Tätigkeitsbericht 2019-2020 der Allianz von Humanisten, Atheisten an Agnostiker Lëtzebuerg a.s.b.l.

Adresse Postale: B.P. 1013, L-1010 Luxembourg

Siège social: 272B, rue de Neudorf, L-2222 Luxembourg

CCPLLULL: LU56 1111 3101 1809 0000

R.C.S.L.: F8374

Layout & Illustrationen: Mia Kinsch

Druck: www.onlineprinters.lu - klimaneutral produziert

www.aha.lu - info@aha.lu

STAY SAFE ♡

KEEP
YOUR
DIST-
ANCE

AHA!

Allianz von Humanisten
Atheisten & Agnostiker

SOLIDARITÉ

